


# SYN ER GIE

MÄERZ 2023 #71

De Regionalmagazine Atert-Wark vum Kanton Réiden

KANTON RÉIDEN

# Porte Ouwerte

## SAMSCHDEG 20. MEE

Vun 10-20 Auer - Gratis Entrée
Animatioun fir Kanner & Barbecue

## SAMEDI 20 MAI

De 10h-20h - Entrée gratuite
Animation pour enfants & grillades

20 Joer

SYNDICAT INTERCOMMUNAL
RÉIDENER
SCHWÄMM



reidener-schwemm.lu

réidener schwämm

## Impressum

Rédaction, direction artistique, illustration, mise en page & suivi de production
Art & Wise s.à r.l.

Editeur responsable
Art & Wise s.à r.l.

Impression
Imprimerie Reka s.a.

Renseignements & réservations
T 23 62 43-20
info@artandwise.lu

© Art & Wise s.à r.l.

Tous droits réservés. Toute reproduction, ou traduction, intégrale ou partielle, est strictement interdite sans autorisation écrite au préalable de l'éditeur.

Prochaine parution
Fin juin 2023

Clôture annonce
Début juin 2023

Tirage
13.660 exemplaires

Magazine régional d'information bimestriel édité par Art & Wise s.à r.l. en collaboration avec le Syndicat Intercommunal „Kanton Réiden" et le Groupe d'Action Locale Leader Wëlle Westen.

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

# Sommaire

02 Haut a gëschter - gëschter an haut: D'Dierfer vu Biekerech

04 Wildkräuter, die Unzivilisierten



06 Geordnete Wildnis im Garten

07 Stoppt d'Wunnengs-nout am Kanton Réiden!

08 Eis nei Leader Gestionnairin: d'Céline Lanners

10 Energie ouni Enn: Gedanken iwwer Léisungsusätz fir Ëmweltkrisen

12 Wat maachen ech mat menger Photovoltaik-Anlag, déi 15 Joer kritt?

15 Energieatelier News

16 Entrevue avec de l'Administration des Transports Publics (ATP) du Ministère de la Mobilité

17 10 Joer Beki

18 Comment m'inscrire sur les listes électorales ? jepeuxvoter.lu

22 Déi „Al Schoul" zu Mäerzeg

24 Biissen - definitiv keng Schlofgemeng!

26 Uselding am Mëttelalter



28 Gratis Theater- a Kreativ-Workshops am Kader vum Weekend vum Wëlle Westen 2023

30 Ouschterquiz 2023 fir Kanner mat hirer Famill

31 Cube 521

32 Agenda

# Haut a gëschter - gëschter an haut: D'Dierfer vu Biekerech

## Un travail de mémoire inédit au Luxembourg




**A quoi ressemblaient les villages de la commune de Beckerich autrefois ? Comment sont-ils devenus ce qu'ils sont aujourd'hui ?**

C'est ce double questionnement qui est à la base de ce projet. Rapidement il nous est apparu urgent de le réaliser pour deux raisons.

D'abord, à cause des changements profonds et extrêmement rapides de la physionomie des villages luxembourgeois ces quarante dernières années. Si autrefois, les villages formaient des communautés autonomes et quasi immuables, aujourd'hui, le fort accroissement de la population et de son niveau de vie ont entraîné une accélération des constructions et des démolitions, de plus en plus de voitures en circulation et un exode urbain sans précédent.

Ensuite parce que les témoins encore vivants qui ont toujours vécu sur place, qui connaissent les histoires des lieux, des bâtiments, des familles et des modes de vie de nos villages se font malheureusement de plus en plus rares. Bientôt, ils auront tous disparu, emportant avec eux la signification même des photographies ou des cartes postales d'époque.

Ce travail de mémoire de nos villages comporte deux volets.

Le premier volet relève de l'histoire et de l'archivage : il consiste à collecter les photos et les cartes anciennes auprès des habitants des huit villages de la commune de Beckerich. Pas toujours facile, la chasse aux anciennes photos ! Mais, comme ce fut le cas ici, quand on parvient à convaincre certains habitants - et de plus en plus par la suite - de l'intérêt de ces anciens documents, on découvre des trésors. Il faut ensuite localiser les bâtiments et, dans la mesure du possible, nommer les personnes photographiées. L'historienne Isabelle Bernard, chargée de ce travail, ne compte plus les heures qu'elle a passées pour trouver réponses à ces questions grâce à la disponibilité et l'accueil inconditionnel d'habitants de la commune.

Le second volet est photographique, c'est le domaine du photographe Philippe Malaise. Il comporte plusieurs phases. La première consiste à reproduire (rephotographier) en studio les photos anciennes confiées par les habitants. Ensuite, le photographe doit se rendre sur place pour retrouver les endroits exacts représentés sur les photos et réaliser une prise de vue à partir du même endroit et avec le même angle que celui du photographe du passé. Exercice loin d'être aisé ! Et pour terminer, une fois rentré à la maison, le travail se poursuit grâce à l'ordinateur où la vue ancienne et la nouvelle sont combinées afin d'obtenir le montage voulu où l'ancien et le nouveau se mêlent. Cette opération qui requiert patience et minutie peut prendre plusieurs heures par photo.

C'est ce travail de rephotographie réalisé par Philippe Malaise qui rend ce projet totalement inédit au Grand-Duché de Luxembourg. Si ce procédé de rephotographie a déjà été utilisé pour illustrer des lieux célèbres de villes (Paris, New York, ...) ou pour mettre en valeur des événements historiques marquants (guerres, batailles, catastrophes naturelles, ...), il n'a jamais été utilisé pour une commune luxembourgeoise, jamais surtout pour illustrer la vie simple de ces personnes qui ont vécu dans nos villages et qui les ont façonnés.

Incontestablement, ce travail nous a permis de partir à la recherche de la mémoire de nos villages, une façon de découvrir le passé pour mieux comprendre le présent.

**Les réalisations liées à ce projet :**

- la collecte de plus de 1800 photos et cartes postales des villages de la commune
- la numérisation de ces documents permettant la création d'un solide fond archivistique pour une photothèque régionale
- la réalisation d'un énorme travail photographique inédit au Luxembourg

- la publication de 4 livrets reprenant une sélection des rephotographies de Philippe Malaise : Beckerich, Noerdange et Huttange, Oberpallen et Levelange et le Schweecherdaul (Hovelange, Elvange et Schweich)
- La publication d'un très beau livre contenant une quarantaine des plus belles rephotographies. Ces publications seront imprimées au Centre Roger Thelen à Beckerich et reliées à la Ligue HMC de Capellen
- La pose de 15 panneaux avec les rephotographies installés à des endroits clés dans chaque village de la commune
- Et pour terminer, une exposition au Centre polyvalent d'Elvange d'une centaine de photos. Vous y découvrirez avec beaucoup d'émotion les villages de la commune de Beckerich dans un mélange des vies d'autrefois et d'aujourd'hui.



**Quelques mots sur les auteurs de ce projet :**

Isabelle Bernard-Lesceux est une historienne installée au Grand-Duché de Luxembourg depuis près de 40 ans. Enseignante pendant 25 ans entre autres au Lycée Français du Luxembourg, elle quitte l'enseignement en 2007 pour se consacrer à la sauvegarde du patrimoine de sa commune d'adoption.

Ses publications (L'école au village : l'exemple d'Oberpallen et Les moulins de l'Abbaye Noble de Clairefontaine dans la revue Hémecht en 1997 et en 2001 - Le moulin de Beckerich, sept siècles d'histoire en 2003 - Les 7 + 2 moulins de la commune de Beckerich en 2009 - A la découverte du patrimoine religieux de la commune de Beckerich en 2013 - Coordinatrice de « L'administration de la nature et des forêts. 175 Joer am Déngscht vu Mënsch an Natur » en 2015) et les nombreuses brochures publiées ces dernières années dans le cadre de son travail à l'asbl d'Millen sont autant de preuves de son intérêt pour l'histoire locale luxembourgeoise.

Le travail de récolte et de numérisation des photos et cartes postales pour ce projet entre parfaitement dans sa volonté de sauvegarder les traces d'un patrimoine rural en voie de disparition.

www.dmillen.lu

Philippe Malaise est un photographe basé à Virton (B). Depuis 2014, il a régulièrement exposé seul, en duo ou collectivement, surtout dans le sud de son pays, mais aussi à Bruxelles, en France et au Grand-Duché de Luxembourg (Mille-galerie à Beckerich). Des séries de son travail ont été sélectionnées : Cuest'Art (Virton, 2017), les Rencontres Photographiques (Arlon, 2022), la Maison de la Culture (Arlon, 2023).

Au travers de sujets différents, de formes et techniques variées, de présentations diverses, un thème insiste et se dégage : l'éphémère qui se déploie sur un fond immuable.

La série importante qu'il présente à l'occasion de ce travail (près de deux cents montages photographiques réalisés sur deux ans), entre parfaitement dans le thème de prédilection de l'auteur.

www.philippemalaise.smugmug.com


**Remerciements :**

Que les nombreux habitants de la commune de Beckerich qui nous ont ouvert les portes de leur maison et de leurs souvenirs et qui ont accepté de prêter leurs documents pour pouvoir les numériser en soient vivement remerciés.

Sans eux, il aurait aussi été impossible de localiser les lieux de prises de vue anciennes ou de nommer les habitants. Grâce à leur aide et à leurs témoignages, nous avons désormais des clefs pour mieux comprendre ces précieux documents iconographiques.

Nous remercions aussi sincèrement l'Œuvre Nationale de Secours de la Grande-Duchesse Charlotte, la Commune de Beckerich et l'asbl d'Millen qui nous ont soutenus et accordé toute leur confiance.


**Invitation cordiale à toutes et tous pour le vernissage le vendredi 12 mai 2023 à 18h30 au Centre polyvalent d'Elvange**
**Inscription souhaitée**

**Exposition accessible du 13 mai au 27 mai 2023**
**Du vendredi au dimanche de 14h à 18h**
**Nocturne le jeudi 25 mai de 18h à 21h**

**Ou sur rendez-vous.**

**Adresse :**
**72, Haaptstrooss**
**L-8533 Elvange**
**(Le Centre polyvalent se trouve derrière l'école)**

**Contact : T 691 510 372**
**isabelle.bernard@beckerich.lu**
**www.dmillen.lu**


**d'millen**
103, Huewelerstrooss
L-8521 Beckerich
T 691 510 372
info@dmillen.lu
www.dmillen.lu



Gewässervertrag Attert / Contrat de Rivière Attert

# Wildkräuter, die Unzivilisierten

## *Herbes sauvages, ces incivilisés !*

Anders als unsere Kulturpflanzen sind Wildkräuter nicht an die menschlichen Vorstellungen von Nützlichkeit und Ästhetik angepasst. Blattmasse, Fruchtgröße und Blütenpracht folgen den eigenen pflanzeninternen Regeln. Wenden wir uns ihnen zu, dann können wir viel von diesen Unbeugsamen lernen!

*Contrairement à nos plantes cultivées, les herbes sauvages ne sont pas adaptées aux concepts humains d'utilité et d'esthétique. La masse des feuilles, la taille des fruits et la splendeur de la floraison suivent les règles internes de la plante. En nous tournant vers elles, nous pouvons beaucoup apprendre de ces indomptables !*





# Wildkräuter-Wanderungen

## 13. Mai in Colmar-Berg - 10:00-12:00

Entdecken Sie bei einem Streifzug durch den Colmarer Park die Vorzüge essbarer Wildkräuter. Sie werden Geschichten über die Pflanzen hören, erfahren Wissenswertes über ihre Heilkräfte und bekommen Tipps und Rezepte für die feine Kräuterküche.

| | |
|---|---|
| **Bitte mitbringen:** | **wetterfeste Kleidung** |
| **Max. Teilnehmerzahl:** | **20** |
| **Kosten:** | **10 €**<br>**Kinder bis 12 Jahren gratis** |
| **Sprache:** | **LU** |
| **Treffpunkt:** | **Parking beim Park** |
| **Anmeldung:** | **erforderlich bis zum 11. Mai**<br>**T 835543-221 oder**<br>**event@colmar-berg.lu** |

## 22. April in Brouch/Mersch - 14:00-17:00

Auf einem Rundweg im Tal der Mandelbach entdecken wir Wildes und Zartes. Auf unserer Kräuterwanderung werden Sie die Eigenheiten der Wildkräuter besser kennen lernen. Sie erfahren auch Wissenswertes über ihre Heilkräfte und bekommen Tipps und Rezepte für die feine Kräuterküche.

| | |
|---|---|
| **Bitte mitbringen:** | **wetterfeste Kleidung** |
| **Max. Teilnehmerzahl:** | **20** |
| **Kosten:** | **10 €**<br>**Kinder bis 12 Jahren gratis** |
| **Sprache:** | **LU** |
| **Treffpunkt:** | **am Ende der Straße**<br>**„Maandelbaach“ in Brouch** |
| **Anmeldung:** | **erforderlich bis zum 20. April**<br>**T 26 62 08 08 oder**<br>**maison.eau@attert.com** |

# Wildkräuter-Rezepte
# *Recette d'herbes sauvages*

## Kräuter-Flammkuchen

**Zutaten für ein Backblech**
**Teig:** 125ml Wasser, 250-300g Mehl, 3 El Öl, Salz
**Belag:** 3 Handvoll Kräuter (z.B. Brennnessel, Löwenzahn, Gundermann...) geschnitten, Crème fraîche, 1 kleine Zwiebel, Salz, Pfeffer, Muskat
**Belag vegan:** 3 Handvoll Kräuter geschnitten, Tomatensoße, 1 kleine Zwiebel, Ingwer, Knoblauch, Salz, Pfeffer

**Zubereitung:** Teig kneten und ausrollen, Zutaten für den Belag mischen, Ofen auf 200 °C vorheizen, Teig ca. 5 Minuten im Ofen vorbacken, Zutaten auf den Teigboden ausbreiten und ca. 10-15 Min. backen.

## *Tarte flambée aux herbes*

***Ingrédients pour une plaque de four***

***Pâte :*** *125 ml d'eau, 250-300 g de farine, 3 cuillères à soupe d'huile, sel*
***Garniture :*** *3 poignées d'herbes hachées, (ex. ortie, pissenlit, ...), crème fraîche, 1 petit oignon, sel, poivre, noix de muscade*
***Garniture végan :*** *3 poignées d'herbes hachées, sauce tomate, 1 petit oignon, gingembre, ail, sel, poivre*

***Préparation :*** *Pétrir et étaler la pâte, mélanger les ingrédients pour la garniture, préchauffer le four à 200 °C, précuire la pâte au four pendant environ 5 minutes, répartir les ingrédients sur le fond de pâte et faire cuire environ 10- 15 minutes.*

...OUNI PESTIZIDEN

**Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.** 43, Grand-Rue L-8510 Redange T +352 26 62 08 08 maison.eau@attert.com www.attert.com

# Geordnete Wildnis im Garten

## *Mettons de l'ordre sauvage au jardin*





### Blumensamen

Wie jedes Jahr, bietet das Wasserhaus im Rahmen der Kampagne „ohne Pestizide" Blumensamen mit einheimischen Wildblumenarten an. Mittlerweile stehen drei verschiedene Samenmischungen aus regionalem Anbau zur Verfügung. Die Mischungen enthalten ausschließlich Arten, die in Luxemburg natürlich vorkommen und die wichtige Futterpflanzen für Bienen und andere Insekten darstellen.

Im Verkauf erhältlich sind Tüten für eine Ansamungsfläche von ca. 30 m$^2$ zum Preis von 10-11 €. Gratis verteilen wir Tütchen für eine Ansamungsfläche von ca. 1 m$^2$ (max. 5 Tütchen/Haushalt).

### *Sachets de semences*

*Comme chaque année la Maison de l'Eau vous propose, dans le cadre de la campagne sans pesticides, des sachets de semences pour prairie fleurie. Ces sachets contiennent un mélange avec des espèces indigènes au Luxembourg. Ce sont des plantes fourragères importantes pour les abeilles et bien d'autres insectes.*

*Nous avons des sachets gratuits pour une surface de 1 m$^2$ (maximum 5 sachets/ménage) et des sachets pour 30 m$^2$ au prix de 10-11 €.*

**Schauen Sie auch mal unter:**
***Regardez également sur :***
**www.ounipestiziden.lu/blummen-ouni-pestiziden.html**

### Naturgarten

Wollen Sie das Potenzial Ihres Grundstücks als vielfältigen Lebensraum für Insekten, Vögel und Säugetiere nutzen? Wir bieten Ihnen einen Beratungsservice für die Schaffung von Lebensräumen mit heimischen Pflanzen. Wir beraten Sie auch zu Regenwasserrückgewinnungs- und Versickerungsmethoden.

Gemeinsam planen wir ein attraktives, naturnahes Gartenkonzept, sowohl für Ihren bestehenden Garten als auch für Neubauten. Dieser Service ist den Einwohnern der Partnergemeinden des Gewässervertrages Attert vorbehalten. Kontaktieren Sie uns für weitere Informationen.

### *Jardins naturels*

*Votre parcelle offre un énorme potentiel pour aider les insectes, les oiseaux et autres mammifères dans les zones d'habitations. Nous vous offrons un service de conseil pour la création d'habitats et de biotopes avec des plantes indigènes. Nous pouvons également vous conseiller sur les méthodes de récupération et d'infiltration des eaux pluviales.*

*Ensemble nous pouvons planifier un concept de jardin naturel, beau et attrayant, aussi bien pour les alentours de votre nouvelle maison que pour votre jardin existant. Ce service est réservé aux habitants des communes partenaires du contrat de rivière Attert. Contactez-nous pour plus d'infos.*

**Maison de l'Eau de l'Attert a.s.b.l.** 43, Grand-Rue L-8510 Redange T +352 26 62 08 08 maison.eau@attert.com www.attert.com

# Stoppt d'Wunnengsnout am Kanton Réiden!

Eng Win Win Situatioun fir d'Proprietären duerch sozial Locatioun.

D'Monique Mahowald (MM) ass Agent Immobilière Social vun HausCaRe, e Service vum Gemengesyndikat Kanton. D'Wunnengsnout gëtt et natierlech och am Réidener Kanton !



**Wat genee ass dem HausCaRe seng Aufgab, fir dem entgéintzewierken?**

*MM:* Ech sichen d'Proprietären iwwert meng Kontakter an iwwer Opriff an diverse Medien fir u Wunnengen ze kommen, déi eidel stinn oder deemnächst fräi ginn. An engem éischten onverbindleche Gespréich kritt de Proprietär erkläert, datt d'HausCaRe d'Roll vum Locataire iwwerhëlt an doduerch garantéiert, datt no der Wunneng gekuckt gëtt an datt d'Bezuele vum Loyer och zu 100% iwwert de Kanton Réiden garantéiert ass. Dat Gefill ouni Stress a Suergen ze verlounen, an ëmmer säi Loyer ze kréien, datt ass fir de Proprietär eng grouss Suerg manner! No engem géigesäitegen Accord sicht den Office Social no de passende Leit fir eranzeplënneren. Déi sozial Begleedung vun de Bewunner gëtt wärend der Locatiounsperiod duerch kompetent Personal vum Office Social garantéiert.

**De Loyer Garanti ass ee vun de groussen Avantagen?**

*MM:* Wéi oft héieren ech, datt op eemol de Locataire de Loyer net méi bezilt? A wat dat dem Proprietär fir Suerge mécht? Dat geschitt bei HausCaRe sécher net. Wien un HausCaRe verlount, kann natierlech net dee selwechte Loyer froen ewéi um Marché. Dat wëll awer net heeschen, datt ee manner gutt ewech kënnt. Au Contraire. Aus Erfarung duerch Gespréicher mat de Proprietären, mat deene mir zesummeschaffen, weess ech, datt d'Avantagë - grad elo a Krisenzäiten, bedeitend sinn! Och wann ee villäicht manner erakritt, kommen d'Suen awer ëmmer an ouni Ausnam pünktlech eran. De Loyer garanti fënnt och da statt, wann d'Wunneng an enger Phase ass, wou den Occupant wiesselt. Vun all dem kritt de Proprietären näischt mat.

**An déi aner Avantagen, déi HausCaRe proposéiert?**

*MM:* E weideren Avantage ass eng bis zu 75% Steiererliichterung um Revenu net locatif, wann ee mat eis schafft an op de Wee vun enger sozialer Locatioun geet. Donieft huet de Proprietär och d'Sécherheet, datt seng Wunneng vun eis ënnerhale gëtt an egal wéini säi Besetz nees a guddem Zoustand erëm kritt.

**Dee Service vun der HausCaRe Gestioun ass gratis?**

*MM:* Absolut. Dat kascht dem Proprietär kee Su. An dat ass net dat eenzegt, wat gratis ass. Et gi Saachen am Liewen, déi engem vill méi brénge wéi de finanzielle Profit. Ech sinn ëfters Zeie gewiescht, wéi frou an zefridden eis Proprietäre waren, wann si duerch dësen Akt vu Solidaritéit Mënsche konkret hëllefe konnten. An och déi Dankbarkeet a respektvoll Haltung vun de Beneficiairen, datt et nach Leit ginn, déi bereet sinn aneren a schwierege Situatiounen ënnert d'Äerm ze gräifen ... Kee Geld der Welt kann esou e Gefill bezuelen!

**D'Avantagen am Iwwerbléck :**

- **Garantéierte Loyer mat engem laangfristege Locatiounskontrakt.**
- **Garantéierte gudden Zoustand vun ärem Besëtz.**
- **Komplett a gratis Gestioun vun ärem Besëtz.**
- **Garantéierte Suivi a sozial Begleedung vun de Bewunner duerch den Office Social.**
- **Bis zu 75% Steier-erliichterung duerch d'sozial**
- **Locatioun um Revenu Net Locatif.**

**Fir all weider Informatioune stinn ech Iech gären zur Verfügung.**
**Monique Mahowald**
**Agent Immobilier Social**


**Syndicat Intercommunal Kanton Réiden**
**HausCaRe**
Maison Worré
Mahowald Monique
11, Grand-Rue - L-8510 Réiden
T 28334-120 / T 621 887 941
monique.mahowald@kanton-reiden.lu

# Eis nei LEADER Gestionnairin: d'Céline Lanners



De Fons Jacques ass no lange Joren onermiddlechen Asaz als Gestionnaire vum LEADER-Büro Atert-Wark a seng wuelverdéngte Pensioun gaangen.

Säit dem 15. Oktober 2022 ass d'Céline Lanners beim Syndikat Kanton Réiden agestallt fir dem Fons seng Plaz anzehuelen. D'Céline stellt sech hei kuerz vir.

**Céline, wat huet Dech dozou beweegt, Dech op dës Plaz ze mellen?**

*CL:* LEADER ass een immens spannende Programm, deen erlaabt Projeten a ville Beräicher ëmzesetzen an ze ënnerstëtzen. Déi Méiglechkeeten déi de LEADER Programm bitt fir aus enger Iddi ee funktionéierende Projet ze maachen, deen en Impakt op eng ganz Regioun huet, huet mech schonn ëmmer begeeschtert. Ech sinn am Kanton Réiden grouss ginn, kennen seng Ecken, d'Stäerkten an eventuell och déi eng oder aner Schwächt. Esou ass et mir eng Freed de LEADER Büro hei zu Réiden z'iwwerhuelen a mat menger Aarbecht d'Entwécklung vum Kanton Réiden z'ënnerstëtzen.

**Mir heeschen d'Céline wëllkomm an eisem schéine Kanton a freeën eis op eng produktiv a flott Zesummenaarbecht.**

**Kanns Du eis e puer Detailer iwwer Däi Werdegang verroden (Studium, Jobs)?**

*CL:* Studéiert hunn ech Landschaftsplanung a Landschaftsarchitektur un der Universität für Bodenkultur zu Wien. Dono hunn ech fir d'éischt e puer Méint am Naturpark Uewersauer geschafft a hunn dunn 2012 am deemolege LEADER Lëtzebuerg West (haut Zentrum Westen) als Gestionnaire de projets ugefaangen. Hei hunn ech verschidde Projete begleet an ëmgesat, ënner anerem de Projet HistoSchool, an deem Unterrechtsmaterial fir Primärschoule ronderëm d'lokal Geschicht ausgeschafft ginn ass. Parallel zu menger Aarbecht am LEADER Büro hunn ech vun 2013 bis 2017 als Landschaftsarchitektin an engem Bureau d'études geschafft.

**Wat ka LEADER eise Gemengen an Awunner bréngen?**

*CL:* LEADER steet jo fir „Liaison Entre Actions de Développement de l'Economie Rurale". Deemno soll LEADER Verbindungen tëschent Projeten an Acteuren am ländleche Raum hierstelle fir d'Wirtschaft(en) an der Regioun ze stäerken. Et geet drëms Mënschen a ländleche Regiounen ze mobiliséieren an hinnen derbäi ze hëllefen hir eegen Iddien ze verwierklechen an nei Weeër auszeprobéieren. Ee weidere Punkt, deen immens wichteg ass, ass datt LEADER de Bottom-Up Usaz verfollegt. Bei LEADER kommen d'Leit, déi an der Regioun wunnen a schaffen zu Wuert a kënnen hir Iddien abréngen an ëmsetzen.

An der Aarbecht um Terrain heescht dat, datt mir am LEADER Büro oppe si fir all Iddi déi aus der Regioun kënnt, sief dat eng privat Persoun, ee Veräin oder eng Administratioun. Mir setzen eis zesumme mat aneren Acteuren un den Dësch a kucke wéi mer aus enger Iddi ee Projet maachen an ee Netzwierk opstellen, dat de Projet dréit. Ech sinn iwwerzeegt dervun, datt eng Zesummenaarbecht op regionalem Niveau Projeten a Resultater erméiglecht, déi een Eenzelen eleng net leeschte kann.

**Verréits Du eis schonn e puer Schwéierpunkter vun der neier LEADER Strategie? (Neie Numm Wëlle Westen)**

Ënnert dem Numm Wëlle Westen, mat deem mir dem Pionéiergeescht an der Regioun wëlle Rechnung droen, kënne mir all Projeten an Iddien ënnerstëtzen, déi sech an d'Strategie afügen, déi 2022 mat de Leit aus der Regioun a Workshoppen ausgeschafft gouf. Dës ass Ufank 2023 fir déi nächst siwe Joer vum Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural unerkannt ginn. D'Haaptzil ass duerch kleng Schrëtt der Regioun zu méi Widderstandsfähegkeet ze verhëllefen. Zum Beispill bei Krise wéi COVID oder dem Klimawandel, déi d'Leit, d'Administratiounen, d'regional Wirtschaft an d'Mobilitéit viru nei Erausfuerderunge gestallt hunn. Déi Haaptfelder an deene mir an der Regioun an de nächste Jore kënne Projeten ëmsetzen, sinn d'Wirtschaft an d'Noversuergung, den Tourismus an d'Kultur, d'Bildungs- a Jugendaarbecht, de Klimaschutz an de soziale Beräich.

KANTON REIDEN

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.


**LEADER Wëlle Westen**
43, Grand-rue
L-8510 Redange
T 28 334-920
wellewesten@leader.lu
www.aw.leader.lu

# OUSCHTEREN

## am Préizerdaul

## 08-09-10 Abrëll 2023

GEMENG PRÉIZERDAUL



## Samschdes

- **Ouschterparty am Zelt**
  Bal vum CDJ ab 21 Auer
  mam DJ Nosi, Flex Diamond,
  DJ Mansaari

## Sonndes

- **Konschtausstellung op der Fabrik**
- **Thé dansant**
  16:00 - 20:00 Baggy Ni Doheem
  20:00 - 01:00 DJ Mani

## Méindes

- **Konschtausstellung op der Fabrik**
- **Groussen Ouschtermaart**
- **Italieneschen Dag am Zelt**
  mat Iessen a Musek



www. preizerdaul.lu

Ouschteren am Préizerdaul

# Energie ouni Enn: Gedanken iwwer Léisungsusäz fir Ëmweltkrisen

Interview mam Jos Bormann, pensionéierte Chimieingenieur aus dem Préizerdaul.



Och de Pinguinen hiere Liewensraum ass bedroht.
© Pixabay



**Jos Bormann**

De Jos mécht sech vill Gedanken iwwert de kriteschen Zoustand vun eisem Planéit an iwwer méiglech Léisunge fir d'Ëmweltkrisen ze meeschteren.

**Eis Äerd ass an Oprou: Klimawandel, Biodiversitéitsverloscht, ee Krich an Europa, … Wéi steet et fir d'Mënschheet?**

Eis Äerd gëtt et säit 4,5 Milliarden, Liewe säit 3 Milliarden an d'Mënschheet säit ronn 2 Millioune Joren. Dat beweist, dass eis Äerd de Mënsch net brauch fir ze existéieren. Mee, mir Mënsche brauchen awer eng gesond Äerd. Wéi laang et nach Mënsche ginn, spillt keng Roll fir d'Äerd.

Der eelerer Generatioun wéi mir kéint et egal si wéi et weidergeet. Mee mir suergen eis ëm eis Enkelkanner. An et mécht mech traureg ze gesinn, wéi zB d'Äisbieren a Pinguinen ëm hiert Iwwerliewe kämpfe mussen. Si mir Mënschen net di intelligentste Liewewiesen, déi et säit jeehier gouf? Da misste mer jo awer Léisunge fannen, fir eise Planéit bewunnbar ze behalen.

**Et héiert een net méi vill iwwer d'Energiekris, déi ee grousst Thema leschten Hierscht war. Heescht dat, dass mer rëm méi wéi genuch Energie hunn?**

Elo wou de Schreck vun der Verknappung eriwwer ass an de Staat d'Präisdeierecht offiedert, solle mir d'Problematik vun der Energieversuergung op kee Fall vergiessen. Jidderee vun eis, net nëmmen di politesch a wirtschaftlech Decideuren, muss sech Gedanke maachen a nohalteg Léisungen entwerfe fir d'Sécherheet vun eiser Versuergung ze garantéieren, fir Aspuerpotenzialer auszenotzen a fir ëmweltfrëndlech Energieformen auszebauen. Den Ament behuele mir eis wéi ee räichen antike Réimer: eleng fir eise Bedarf un elektrescher Energie ze decken, brauche mir d'Aarbechtskraaft vun 10 Sklaven!

**Hu mir dann net mat der Kernfusioun d'Léisung fonnt fir onendlech Energie ouni Risiko a Knascht geliwwert ze kréien?**

Bei der Kernfusioun, wou zwee Atomkären zu engem neie Kär zesumme verschmëlzen, kéinten enorm Quantitéiten u relativ propperer Energie fräigelooss ginn. An heifir wier nëmme Waasserstoff néideg, dee relativ einfach aus dem Waasser ka gewonne ginn.

Och wann et ëmmer rëm positiv Meldungen iwwer d'Fortschrëtter an der Kernfusioun ginn, wäert et nach Joerzéngten dauere bis dass dës Energiequell kommerziell ka genotzt ginn. Ausser d'Mënschheet géing alles dru setze fir dëse Megaprojet a kuerzer Zäit ze stemmen, esou wéi si et och scho bei der Atombomm an der Moundlandung bannen enger Rekordzäit geschafft huet.

**Wa mir da mol bis onendlech Quantitéiten u propperer Energie zur Verfügung hunn, da bréichte mir jo keng méi Energie ze spueren, oder?**

Et bleift ëmmer sënnvoll, spuersam mat der Energie ëmzegoen. Firwat? Well mir

d'Energie net verbrauchen, mee vun enger Form an eng aner oder an Aarbecht ëmwandelen. Een Deel vun der Energie gëtt ëmmer a Wiermt ëmgewandelt, déi meeschtens net weider ka genotzt ginn. Dat sinn d'Gesetzer vun der Thermodynamik a mir kënnen do näischt änneren. Dat heescht, wa mer mat den Ëmwandlunge fäerdeg sinn, läit nëmmen nach Hëtzt vir.

Beim Verbrennungsmotor gi 70% direkt an notzlos Wiermt ëmgewandelt, beim E-Auto sinn et der ëmmerhin nëmmen nach 20%. Bei engem Kraaftwierk (Kuel oder Atom) musse ca. 55% vun der Wiermt iwwer d'Killtierm ofgefouert ginn.

**Ass dat da schlëmm, wann dës Wiermt an d'Loft fräigeloss gëtt?**

De Problem ass, dass bei ganz ville Prozesser permanent Wiermt ongenotzt ofgi gëtt. Als Beispill kommen ech op de Verbrennerauto zréck: wa mir 100km fueren, hu mir souvill Hëtzt produzéiert, datt mir domadder d'Waasser vun 10 Buedbidde kéinten opwiermen. Eise Planéit wiermt sech also dauernd op: een Deel vun der Wiermt fléisst an de Weltall, de Rescht gëtt vun den Zäregasen an eiser Atmosphär op eis Äerduewerfläch zréckgeschéckt. Esou gëtt eist Klima ëmmer méi waarm, wat d'Iwwerliewe fir eis Mënschen a vill aner Liewewiese schwiereg mécht.

**Wat fir eng Energie, ënner dem aktuelle Wëssensstand, kënne mir dann ouni Bedenken notzen a firwat?**

D'Sonnen- a Wandenergie sinn di eenzeg Energieformen, déi mir ouni schlecht Gefill kënnen op all erdenklech Manéier notzen. Hei gëtt nämlech bal keng Wiermt ofginn an d'Sonnen- a Wandenergie ginn direkt a Stroum ëmgewandelt. D'Sonn schéngt nu eemol a wäert dat nach di nächst 5 Milliarde Joren esou wéi haut maachen. Awer all Energieformen, déi mir ausgruewen (fossil Energien, Atomenergie) produzéieren zousätzlech Hëtzt. Wann et e puer Milliarde Mënsche manner géife ginn, da wier de Problem och manner grouss. Mee mir sinn awer nu mol zu 8 Milliarden an et ginn der nach ëmmer méi.

**Wéi schafft d'Mënschheet Denger Meenung no, de Wiessel hin zu enger propperer Energieversuergung?**

Dat Allerwichtegst ass spuersam mat der Energie ëmzegoen. Och wann d'Technologien an d'Prozesser an Zukunft optimiséiert wäerte ginn, komme mir net derlaanscht fir op weidere Wuesstem ze verzichten. Et ginn eng ganz Rei Saachen, déi mir net wierklech brauchen, wéi Vakanze mam Fliger oder Croisièren, vill Autosfaarten, eng Temperatur vun iwwer 21°C an eiser Wunneng, vill Gadgeten, Kleeder, ...

**Mir hunn eis awer un dëse Confort an „Iwwerfloss" gewinnt. Et gëtt schwiereg fir op all dat ze verzichten. Och hänke vill Aarbechtsplazen heidrun...**

Genau dowéinst muss dës Transformatioun mat vill Virsiicht a genuch Zäit ëmgesat ginn. Soss besteet d'Gefor, dass et sozial Onroue ginn.

Dës Upassunge mussen an eisem eegenen Interesse geschéien. Eis Äerd huet an hire 4,5 Milliarde Joren oft hiert Gesiicht geännert: vill Liewensforme sinn entstanen an ausgestuerwen. Wéi gesot, d'Äerd brauch eis net, et geet hir besser ouni de Mënsch. Dowéinst hu mir all Interêt eisen aktuellen Energie- a Konsumhonger zréckzeschrauwen a méi demüteg mat den natierleche Ressourcen ëmzegoen.

**Mir soen dem Jos Bormann villmools Merci fir dëst ganz spannend Gespréich.**



Vill zousätzleche Wiermt bleift an eiser Atmosphär hänken an hëtzt eise Planéit weider op.
© Pixabay



Sonnen- & Wandenergie sinn di eenzeg Energieformen, déi keng zousätzlech Wiermt produzéieren.
© Pixabay

KANTON RÉIDEN

PacteClimat EUROPEAN ENERGY AWARD
Ma commune s'engage pour le climat

**Syndicat Intercommunal**
**Kanton Réiden**
**Maison Worré**
11, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 334-420
stephane.devillet@kanton-reiden.lu
www.kanton-reiden.lu



# Wat maachen ech mat menger Photovoltaik-Anlag, déi 15 Joer kritt?

Interview mam Claude Clemens vun der Direction des énergies renouvelables, Energie- a Landesplanungsministère. De Claude wunnt an der Gemeng Wal an huet eis op vill Froe geäntwert, déi mir am Energieatelier ëmmer rëm gestalt ginn.

**Wat geschitt mat menger Photovoltaik (PV)-Anlag, wann de festen Aspeisetarif no 15 Joer ausleeft?**

Wann Äre Kontrakt no 15 Joer op een Enn kënnt an Är Anlag nach an engem gudden Zoustand ass, kënnt Dir Äre Stroum entweeder:

1. **selwer notzen an den Iwwerschoss-Stroum an d'Netz aspeisen oder**
2. **är Stroumproduktioun komplett aspeisen (an näischt selwer notzen).**

Fir de Verkaf vun Ärem Stroum (Iwwerschoss & Komplett-Aspeisung) ginn et 2 Méiglechkeeten.

**Fänke mer mat der éischter Méiglechkeet un!**

Dir notzt de Stroum, deen Dir selwer produzéiert, sou vill wéi méiglech selwer. Dat ass an der aktueller (Präis)-Situatioun déi beschten Alternativ - och wann de Stroumpräis, deen Dir am Moment musst bezuelen, duerch eng staatlech Mesure stabiliséiert ass.

Fir den Iwwerschoss-Stroum anzespeisen, sicht Dir dann e Fournisseur an ënnerschreift e fräie Marché-Kontrakt. Dozou kënnt Dir Iech um Site vum Regulateur (ilr.lu) informéieren oder awer um Calculix.lu kucken, wéi eng Fournisseuren am Beräich vun den Haushalts-Clienten aktiv sinn an Iech bei dësen informéieren.

Sech selwer e Fournisseur siche kënnt och a Fro, wann Dir Är komplett Produktioun wéilt an d'Netz aspeisen.

Zum „selwer notzen“ ass nach ze soen, datt ee sech och fir e Modell wéi kollektiven Eegeverbrauch oder eng Energy community entscheede kann, fir Stroum mat anere Leit ze „deelen“, fir de Stroum optimal ze notzen. Sou Méiglechkeete sinn am Stroummarché-Gesetz virgesinn a wäerten am Laf vum Joer och nach méi aktiv promouvéiert an erkläert ginn.

**Wéi vill kréien ech an engem fräie Marché-Kontrakt fir mäi Stroum?**

Wéinst der Kris, der doduerch bedéngter Präis-Hausse an awer och den deelweis ganz grousse Präis-Schwankungen, ass et schwéier do eng konkret Äntwert ze ginn. Virun der Kris louch de Präis fir Solarstroum an der Moyenne bei ca. 4 ct/kWh, am August 2022 allerdéngs bei ca. 40 ct an am Februar 2023 bei ca. 12,2 ct. Op der Säit vun Netztransparenz.de, wou de Lëtzebuerger Staat verschidde Präisser als Referenz fir seng reglementaresch Texter hëlt, kann een de Marché-Präis vum Solarstroum gutt verfollegen: www.netztransparenz.de/EEG/Marktpraemie-Marktwerte/Marktwerte

All Fournisseur huet seng eege Manéier fir den Tarif festzeleeën, verschiddener referéiere sech op Netztransparenz.de. Ëmfrot Iech am beschte bei de Fournisseuren.

Als Verglach, de festen Aspeisetarif fir eng Anlag ënner 10 kW, déi 2023 un d'Netz geet, ass 15,06 ct.

**Bei der zweeter Méiglechkeet kann ech mech fir e reguléierte Kontrakt entscheeden. Wat heescht dat?**

Dir sicht net selwer e Fournisseur, mee wéckelt dat Ganzt gewëssermoossen iwwer den Netzbedreiwer of; dëst ass sou am entspriechende Reglement Grand-Ducal virgesinn, an dofir gëtt et fir déi Méiglechkeet och e reguléierte Kontrakt. Dëse Kontrakt gëtt beim Netzbedreiwer, am Fall vum Synergie-Lieser bei der Creos, ugefrot.

Och de reguléierte Kontrakt fixéiert kee Montant, mee variéiert och mam Marché-Präis.

De Marché-Präis gëtt all Mount gerechent an et gëtt e Facteur de correction (fir Risiken/Käschten) applizéiert, deen an deem Kontrakt fir PV bei 0,8 läit.

**Wéi fannen ech eraus, ob meng Anlag no 15 Joer nach gutt ass oder ob ech se besser hunn z'ersetzen?**

Am beschte kuckt Dir wéi vill Är Produktioun iwwert di lescht 15 Joer ofgeholl huet (wann iwwerhaapt). Wann de Rendement nach ëmmer mind. 85% ass, wat allermeeschtens de Fall ass, da kënnt Dir se nach roueg 5-10 weider Jore lafe loossen an esou Ressourcë spueren.

An deem Fall ass Är Anlag amortiséiert an Dir kënnt versichen Ären Eegeverbrauch ze optiméieren. Dat bedeit, dass Dir méiglechst vill vun Ärem produzéierte Stroum selwer notzt. Den Iwwerschoss verkaaft Dir fir de Marché-Präis.

Mam Klimawandel kann een dovunner ausgoen, datt och d'Sonnestonne pro Joer an eise Breedegraden eropginn an dëst kompenséiert zumindest deelweis en eventuelle Verloscht um Rendement. Dës Tatsaach kann een usazweis schonn u Beispiller beobachten.

**Mécht et Sënn ee Stroumspäicher ze installéiere fir méi Eegestroum kënnen ze notzen?**


Normalerweis notzt ee ronn 20-30% vum eegene Stroum ouni Batterie. Mat enger Batterie läit een däitlech méi héich. Dëst hänkt natierlech dervunner of, ob een daagsiwwer doheem ass a versicht de produzéierte Stroum maximal ze notzen, resp. et hänkt hautdesdaags och vu méi grousse Verbraucher of wéi zBp eng Wärmepompel oder en Elektro-Auto.




Claude Clemens




De Marché-Präis vum Solarstroum 2022 © netztransparenz.de




Recycling vu PV-Anlagen © solaranlage-ratgeber.de




**Dëst alles ass net esou einfach, wann Dir Froen hutt, zéckt dowéinst net Iech bei eisem Energieberoder ze mellen! D'Berodung ass gratis a gëtt vun Ärer Gemeng matfinanzéiert.**

**Energie Infoline**
**T 28 33 44**
**info@energieatelier.lu**

KANTON REIDEN

energie atelier

PacteClimat

**Réidener Energieatelier**
43, Grand-Rue
L-8510 Redange/Attert
T 28 33 44
info@energieatelier.lu
www.energieatelier.lu

**Mécht et finanziell Sënn sech ee Stroumspäicher ze kafen no de 15 Joer?**

Dat muss jidderee fir sech selwer ausrechnen an hänkt ë.a. dovunner of, ob een eng Wärmepompel huet, en Elektro-Auto, ...

**Ginn et Subside fir de Stroumspäicher?**

Beim Klimabonus an am Fall, wou ee sech explizitt fir den Eegeverbrauch-Modell entscheet (50% Subsid, resp. 62,5% dëst Joer), ass elo virgesinn datt och eng Batterie zu den eligibel Käschten zielt. Dëst gëllt aktuell also nëmme fir nei Anlagen.

**Wa meng Anlag no 15 oder méi Jore muss entsuergt ginn, wie bezilt dofir?**

Hei hänkt et dervunner of, ob Är PV-Anlag virum oder nom 13.08.2005 op de Maart komm ass, resp. installéiert gouf.

Virum 08.2005:

> Wann Dir Är al Anlag mat enger neier austauscht, ass d'Reprise gratis a muss vun der Entreprise, déi di nei installéiert iwwerholl ginn.

> Wann Dir Är al Anlag net ersetzt, kommt Dir selwer fir d'Käschten op a musst Iech e Professionelle sichen, deen dat mécht.

Nom 08.2005:

> D'Reprise geschitt am Prinzip iwwert den Installateur/Liwwerant vun Ärer Anlag, deen d'Käschte fir d'Sammlung an d'Verwäertung vun de Panneauen iwwerhuele muss. Dëst ass am Gesetz iwwer Elektroschrott vum 9. Juni 2022 sou virgesinn.

**Kann eng PV-Anlag recycléiert ginn? Wat fir een Deel ka recycléiert ginn?**

Dat selwecht Gesetz gesäit vir, dass mind. 80% vum Gewiicht vun engem Panneau muss kënne recycléiert ginn.

Ee PV-Panneau besteet zu 95% aus Glas, Aluminium a Plastik. Den Aluminium gëtt recycléiert, d'Glas kann de Moment nach net gutt vum Laminat getrennt ginn a gëtt dowéinst gréisstendeels zu Schaumglas (Foamglas) weiderverwäertet. De Moment lafe Recherche fir dësen Trennungs-Prozess ze vereinfachen. De restlechen Undeel besteet aus Silizium a Metaller (Selwer, Cadmium, Kupfer,...), déi all getrennt an ëmweltgerecht entsuergt kënne ginn, genau wéi bei Ärem Handy oder Laptop.

**An nach eng méi allgemeng Fro: Wéi oft muss meng PV-Anlag kontrolléiert a gebotzt ginn?**

Wann Dir keng gréisser Stëbs-Quell an Ärer Noperschaft hutt, geet et duer Är Anlag all 5 Joer kontrolléieren a botzen ze loossen. Wann Dir selwer dru kommt, kënnt Dir Är Anlag och selwer méi heefeg botzen. Egal wéi ass et ëmmer sënnvoll, Är Jores-Produktioun am A ze behalen an ze checken, ob se mat der theoretescher Produktioun korreléiert. Wann Dir grouss Ännerunge bemierkt, da sollt Dir no der Anlag kucke loossen.

**Mir soen dem Claude Clemens ee ganz grousse Merci fir seng Äntwerten.**

# NEWS

## Är Wäschmaschinn, Trockner, Spullmaschinn, Frigo oder Tiefkühltruh funktionéiert net méi, mee kann awer nach gefléckt ginn?


**Da profitéiert elo vun engem Subside vun Ärer Gemeng aus dem Kanton Réiden vu 50% vun der Reparaturrechnung (max 150 €).**

De Formulaire an déi genau Konditioune fannt Dir op eisem Site www.energieatelier.lu.

## Votre machine à laver, sèche-linge, lave-vaisselle, frigo ou congélateur ne fonctionne plus, mais peut encore être réparé ?

**Alors profitez d’un subside de votre commune du canton de Redange de 50% de la facture de réparation (max 150 €).**

Le formulaire et les conditions exactes peuvent être retrouvés sur le site www.energieatelier.lu.




INFOLINE
28 33 44 30
primes@energieatelier.lu

energie atelier
KANTON RÉIDEN
KlimaPakt
EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech
Find us on
www.energieatelier.lu

# Entrevue avec de l'Administration des Transports Publics (ATP) du Ministère de la Mobilité


Le 20 février 2023, une délégation des communes du Syndicat Intercommunal Kanton Réiden a eu une entrevue avec l'Administration des Transports Publics (ATP) du Ministère de la Mobilité siégeant au Kirchberg.

Le but de cette entrevue était de discuter avec les responsables de tous les problèmes rencontrés actuellement par nos usagers de bus. Nous vous présentons ci-dessous les résultats de cette entrevue :

### 1. Ligne 903

**Notre demande :** La compagnie de bus doit garantir un départ ponctuel à Bilsdorf. L'horaire de toutes les courses est à adapter au temps réel de parcours. Il doit avoir une course matinale qui garantit aux usagers d'arriver toujours au plus tard (retards inclus) à 7h30 du matin à la Pl. de l'Etoile. Une cadence de 30 minutes pendant les heures de pointe (matin & soir) permet plus de flexibilité et de garantie.

***Réponse ATP :*** *le temps de parcours de toutes les lignes présentant des problèmes sera adapté le plus vite possible.*



Notre actuel réseau bus RGTR

### 2. Mauvais espacement des lignes pour le retour l'après-midi (902, 903, 911)

**Notre demande :** Espacer les départs à la Pl. de l'Etoile afin que les lignes 902, 903 et 911 ne partent pas toutes ensemble. Garantir des départs permettant aux personnes travaillant jusqu'à l'heure pleine d'attraper le bus.

***Réponse ATP :*** *L'horaire des lignes 902, 903 et 911 au départ de la Pl. de l'Etoile sera adapté pour les espacer davantage.*

### 3. Ligne 911

**Notre demande :** Réduire le nombre d'arrêts de bus au Rollingergrund ou interdire aux personnes du Rollingergrund de monter en direction de la ville / descendre en direction du Canton.

***Réponse ATP :*** *À partir de mi-mai 2023, le nombre d'arrêts au Rollingergrund sera réduit également à 2 arrêts sur la ligne 911 (Rollingergrund, Roudebierg et Rollingergrund, Val Fleuri).*

### 4. Lignes 901, 902, 903

**Notre demande :** Introduire une cadence de 30 minutes pendant les heures de pointe (matin et soir) sur les lignes 901, 902 et 903. Assurer des arrivées en ville le matin au plus tard entre 7:15 et 7:30 (retards inclus) sur toutes les lignes express.

***Réponse ATP :*** *Les courses matinales seront renforcées :*

- *Une course supplémentaire sur la ligne 901 ;*
  *départ 6:32 à Martelange - arrivée 7:41 à la Pl. de l'Etoile (lu-sa)*
- *Une course supplémentaire sur la ligne 902 ;*
  *départ 6:14 à Bigonville - arrivée 7:17 à la Pl. de l'Etoile (lu-sa)*
- *Une course supplémentaire sur la ligne 903 ;*
  *départ 6:55 à Bilsdorf - arrivée 7:55 à la Pl. de l'Etoile (lu-sa)*

## 5. Courses de nuit

**Notre demande :** Réviser le besoin d'une / deux course(s) plus tardive(s) de Luxembourg-ville vers le Canton, surtout les weekends.

***Réponse ATP :*** *Sur la ligne 901 une course supplémentaire sera rajoutée, partant de la Pl. de l'Etoile à 23:53 (lu-ve).*

## 6. Lignes 832, 961

**Notre demande :** Réanalyser ces lignes à l'aide des comptages et optimiser pour mieux répondre à la demande des usagers et éviter ainsi des courses vides.

***Réponse ATP :*** *Les comptages seront faits et analysés.*

## 7. Lignes 933, 935, 936, 937

**Notre demande :** Ces lignes font des détours conséquents et ce faisant perdent leur attractivité. Optimiser le tracé.

***Réponse ATP :*** *Des comptages seront faits sur ces lignes et en conséquence, elles seront partiellement ou complètement remaniées.*

## 8. Grands retards sur la ligne 942

**Notre demande :** Cette ligne accumule des retards très importants. Il est indispensable de revoir le temps de parcours.

***Réponse ATP :*** *Le temps de parcours de toutes les lignes présentant des problèmes sera adapté le plus vite possible.*

## 9. Ligne Express P&R Schwebach - Mersch Gare

**Notre demande :** Optimiser le tracé de la ligne 933 en réduisant le temps de parcours et évaluer le potentiel d'une ligne express entre le P&R Schwebach et Mersch (Gare).

***Réponse ATP :*** *La ligne 933 sera analysée et partiellement ou complètement remaniée.*

## 10. Connexion directe Nagem / Lannen / Roodt vers Place de l'Etoile

